



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 837xe02bf

Luxembourg, le 20 avril 2021

Concerne : Question parlementaire n° 3890 du 18 mars 2021 de Monsieur le Député Roy Reding concernant le taux de TVA super-réduit pour la réparation d'objets d'usage courant

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister Pierre Gramegna an vum Här Wirtschaftsminister Franz Fayot op d'parlamentaresch Fro N°3890 vum 18. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding zum superreduzéierten TVA-Saz fir d'Reparatur vu Verbrauchsgidder

An senger parlamentarescher Ufro bezitt den honorabelen Deputéierten sech op d'Promotioun vun der Kreeslafwirtschaft hei zu Lëtzebuerg.

Ewéi am Koalitiounsvertrag beschriwwen ass d'Regierung engagéiert fir den Iwwergank vun der aktueller linearer Wirtschaft an eng Kreeslafwirtschaft, déi d'Grenze vun den Ökosystemer respektéiert, ze promovéieren. D'Analys vum Benotzen vum superreduzéierten TVA-Saz an dësem Kontext, an besonnesch op verschidden Reparaturaarbechten, déi vum europäeschen Recht virgesi sinn, ass momentan amgaangen.

Et sief ze erwänen, datt an dësem Kontext och eng gemeinsam Etüd lancéiert gouf vum Wirtschafts- an Finanzministère, déi analyséieren soll wéi eng circulaire Geschäftsmodeller dat gréissten Potential hunn an wéi dës Modeller ënnerstëtzt kënne ginn fir esou den Iwwergank zur Kreeslafwirtschaft ze encouragéieren. D'Iddi vun der Applikatioun vum superreduzéierten TVA-Saz op verschidden Reparaturaarbechten ass deemno nëmme een Deel vun enger méi globaler Iwwerleeung ewéi d'Kreeslafwirtschaft zu Lëtzebuerg ka besser ënnerstëtzt an promovéiert ginn.